

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Am belschen Noriichtemedium *rtbf* konnt ee rezent (02.01.) liesen, datt d'EU vu Januar vun dësem Joer un de reelle Spritverbrauch an d'CO₂-Emissioun vun den Autoe vu Privatbenotzer erfaasst. Am Artikel heescht et da weider: *«La collecte de ces données peut se faire de deux façons différentes. La première consiste à se rendre chez son garagiste ou lors d'un contrôle technique de votre véhicule. Grâce à un scan spécifique, les données pourront être lues et envoyées à l'Union européenne. La seconde, l'envoi en direct des données via les ondes hertziennes jusqu'au constructeur automobile.»*


Esou en Auswäerte vum reelle Spritverbrauch an den CO₂-Emissioun vun den Autoe vu Privatbenotzer mécht natierlech och Dieren op, fir aner Donnéeë vum Automobilist gewuer ze ginn, z.B. wéini den Automobilist wéi eng Strecken zeréckleet an och allgemeng Réckschlëss op de Fuerstil si méiglech. Déi uewe genannten Donnéeë kéinten dann och genotzt ginn, fir besser kënne feststellen, wéini sech eng Persoun wou opgehalen huet.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Ass de Mobilitéitsministère bis dato schonn informéiert ginn iwwert déi uewe genannten nei Reegelung? Kann den Här Minister d'Existenz vun esou engem Dispositif confirméieren?
2. Wa jo, wéi ass d'Positioun vun der Regierung zu dëser neier Reegelung? Besteet an den Ae vun der Regierung eng Gefor am Hibleck op de Mëssbrauch vun de perséinlechen Donnéeë vum Automobilist? Ginn et an den Ae vun der Regierung net och Implicatiounen am Hibleck op den Dateschutz vun de Bierger?
3. Besteet an deem Kontext an den Ae vun der Regierung net och d'Gefor vun enger ëmmer méi strenger Kontroll vum Bierger duerch eng politesch Institutioun, wou z.B. Persoune kéinte finanziell oder steierlech privilegiert ginn, déi den Auto manner benotzen?

4. Wär an den Ae vun der Regierung och e Benotze vun deenen uewe genannten Donnéeën z.B. fir polizeilech Zwecker méiglech?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten